ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Kulturminister, den Här Bausseminister, den Här Educatiounsminister an den Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung esou wéi un all aner concernéierte Minister weiderzeleeden.

De 5. Abrëll 2017 war de portugisesche Premierminister António Costa mat enger grousser Delegatioun op enger offizieller Visite zu Lëtzebuerg. Bei där Geleeënheet sinn eises Wëssens fënnef bilateral Ofkommes ënnerschriwwe ginn, dorënner och e „Mémorandum d'entente" iwwer d'Promotioun vun der portugisescher Sprooch a Kultur, wéi an der Press ze liese war. An dem Zesummenhank wollt ech dem Här Staatsminister an deenen anere concernéierte Membere vun der Regierung dës Froe stellen:

1. Kënnen déi concernéiert Ministeren der Chamber – an der Äntwert op dës Fro - all bilateral Ofkommes zoukomme loossen, déi bei där Geleeënheet ënnerschriwwe goufen?
2. Ginn dës Dokumenter, an engem zweete Schrack, der Chamber zur Ratifizéierung virgeluecht, esou wéi den Artikel 37 vun der Verfassung et verlaangt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten